PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 17/02/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sozialversécherung & Gesondheet weiderzeleeden.

Am Kader vun der Debatt iwwert de Suicide an der Chamber am Januar sot d'Gesondheetsministesch dass den Avis vum Staatsrot zum Thema Remboursement vun der Psychotherapie eng kloer Sprooch geschwat hätt, an dass d'Echeance vun der Fapsylux, fir nach am Januar an deem Dossier weiderzekommen, kann agehale ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Hunn an deem Kader scho Gespréicher mat der Fapsylux statt fonnt?
   Wann jo, wat gouf an dëse Gespréicher festgehalen?

2. Wat gouf säit dëser Annonce vun der Gesondheetsministesch gemaach?
   Wat sinn déi nächst Schrëtt an dësem Dossier?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député